


Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 02/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Mam d'Gesetz vum 14te Juli 2015 ass d'Veterinärsinspektioun an d'Liewe geruff ginn. Dës Verwaltung huet als Missioun, ze kontrolléieren, dass déi bestoend Gesetzer iwwert den Émgang mat Häusdéieren, Notzdéieren an och Déiereproduiten agehale ginn. D'Aufgabefeld vun der Veterinärsverwaltung ass deementspreechend gröss an d'Erausfuerderungen am Alldag oft ganz verschidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech de Personalbestand bei der Veterinärsinspektioun säit der Grënnung entwéckelt?
2. Wéi vill Verstéiss goufen säit hierer Grënnung vun der Veterinärsinspektioun festgestallt? Wat waren déi gängegste Verstéiss?
3. Wéi vill Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz vun 2018 goufen an deene jee weils leschten 2 Joer festgestallt? Wat waren déi gängegste Verstéiss?
4. Wéi sinn d'Kontrolle bei der Veterinärsinspektioun organiséiert? Waart d'Veterinärsinspektioun bis se op ee Fall opmierksam gemaach gëtt oder fueren d'Beamte systematesch op eegen Initiativ eraus? Wéi vill Aarbechtsstonne goufen an de leschte 5 Joer mat Kontrollen um Terrain verbruecht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530



Réf.: 112/20

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 19 mars 2020


Objet: Question parlementaire n° 1958 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,


Román SCHNEIDER



Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 1958 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

1. Wéi huet sech de Personalbestand bei der Veterinärsinspektioun säit der Grënnung entwéckelt?

Am Virfeld sief drop hinzewisen, dass dat ursprénglecht Gesetz, dat d'Kreatioun vun der Veterinärsverwaltung an der haiteger Form betrëfft, zeréck geet op d'Joer 1976. Mee och schonns virun dësem Datum gouf et offiziell Veterinärskontrollen, déi zeréck gi bis Ufanks vum 19ten Joerhonnert, déi hunn sech deemools haaptsächlech op d'Iwwerwaachung vun den Déierenkrankheete beschränkt.

D'Gesetz vun 2015 huet zu enger Reorganisatioun vun der Veterinärsverwaltung gefouert, déi zanter hier a 5 Divisiounen ënnerdeelt ass.

De Personalbestand huet sech zanter deem net vill geännert, mat der Ausnam, dass zanter dësem Joer ee Veterinär agestellt gouf, deen sech em d'Koordinatioun am Beräich "Déiereschutz" këmmert.

2. Wéi vill Verstéiss goufe säit hirer Grënnung vun der Veterinärsinspektioun festgestallt? Wat waren déi gängegste Verstéiss?

Vun 2015 bis haut goufe bei 616 Plainte resp. Kontrollen 208 Verstéiss festgestallt. Déi gängegst waren ee feelenden oder inadequaten Ënnerdaach, eng feelend oder net vollstänneg Identifikatioun vun den Déieren a feelend oder inadequat Fudder.

3. Wéi vill Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz vun 2018 goufen an deene jee weils leschten 2 Joer festgestallt? Wat waren déi gängegste Verstéiss?

Vun 2018 bis haut goufe bei 260 Plainte resp. Kontrollen 92 Verstéiss festgestallt. Déi gängegst waren eng feelend oder net vollstänneg Identifikatioun vun den Déieren, feelend oder inadequat Fudder an eng feelend oder inadequat medezinesch Betreiung.

4. Wéi sinn d' Kontrolle bei der Veterinärsinspektioun organiséiert? Waart d'Veterinärsinspektioun bis se op ee Fall opmierksam gemaach gëtt oder fueren d'Beamte systematesch op eegen Initiativ eraus? Wéi vill Aarbechtsstonne goufen an de leschte 5 Joer mat Kontrollen um Terrain verbruecht?

Wat d'Kontrollen am Beräich „Déiereschutz“ betrëfft, gëtt et en gewëssene Prozentsaz, dee vun der Legislatioun virgeschriwwen ass, an anerer, déi op Hand vu Plainte gemaach ginn. Déi virgeschriwwe Kontrolle ginn ob Basis vun enger Risikoanalyse definéiert, iwwert d'Joer geplangt a vun de Veterinärsinspekteren duerchgefouert. Wat d'Plainte betrëfft, ginn des all an enger Datebank opgeholl. All des Plainte kréien ee Suiwi, an deem se iwwert en Telefongespréich gereegelt ginn oder, falls et sech als néideg erweist, eng Kontroll op der Platz duerchgefouert gëtt, bei där déi eventuell Nonkonformitéite festgehalten an déi néideg Mesuren an d'Weeër geleet ginn. Eng genee Zuel vun Aarbechtsstonnen, déi mat Kontrollen um Terrain verbruecht goufen, ass schwéier ze nennen.

D'Zuel vun de Kontrollen an eng detailléiert Beschreibung kann een am Rapport d'activités vun der Veterinärsverwaltung noliesen.
